



Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire N°3261 du 26 novembre 2025 de l'honorable Député Sven CLEMENT concernant « Sous-traitance et respect du droit du travail dans le secteur postal ».

Fro N°1: Wéi vill Kontrollen huet d'ITM an de leschten zwee Joer spezifesch am Beräich vun de Courier-, Express- a Paketdénsgchter (CEP) duerchgefouert?

Am Beräich vun de Courier-, Express- a Paketdénsgchter (CEP) huet d'ITM an de leschten zwee Joer follgend Kontrollen duerchgefouert:

Joer	Unzuel vu Kontrollen
2023	25
2024	71
bis den 31.10.2025	35

Fro N°2: Huet d'ITM Kenntnis vu Fäll vu "Schäiselbststännegkeet" (Faux-indépendants) bei deenen neien Ubidder oder Subunternehmer, déi am ILR-Bericht ernimmt ginn?

An de leschten zwee Joer huet d'ITM kee Fall vu „Schäiselbststännegkeet“ am Beräich vun de Courier-, Express- a Paketdénsgchter (CEP) festgestallt, och net bei deenen neien Ubidder oder Subunternehmer, déi am ILR-Bericht ernimmt ginn.

Fro N°3: Wéi eng Moyenen huet d'ITM, fir bei enger Sous-traitance-Quote vu 85 % sécherzestellen, datt d'Aarbechtszäitgesetzer an d'Pausereegelunge bei de Chaufferen, déi dacks ënner héijem Zäitdrock stinn, agehale ginn?

Fir sécherzestellen, datt d'Aarbechtszäitbestëmmungen an d'Pausereegelunge bei de Chaufferen agehal ginn, analyséiert d'ITM d'Aarbechtszäitregister vun de Salariéén.

D'Kontrolle vun der ITM ginn ouni Ënnerscheed op all Betrib duerchgefouert, och op déi Betriber, déi als Sous-Traitanten aktiv sinn.

Wa Verstéiss festgestallt ginn, gëtt den Employeur, nodeems him d'gesetzlech Bestëmmungen erkläert goufen, opgefuerdert d'Situatioun ze regulariséieren.

Wann den Employeur net reagéiert oder sech net regulariséiert, kann d'ITM eng Geldstrof verhängen oder de Fall un de Parquet weiderleeden.

Fro N°4: Gëtt et eng Zesummenaarbecht oder en Datenaustausch tëscht dem ILR (deen d'Ubidder registréiert) an der ITM, fir geziilt schwaarz Schof am Secteur kënnen ze kontrolléieren?

Zwëschent dem ILR an der ITM besteet aktuell keng offiziell gereegelt Zesummenaarbecht an och kee permanente, respektiv automatiséierten Datenaustausch.

Wann dem ILR awer Indikatiounen vu Verstéiss bekannt ginn, kann den ILR, wéi all aner Bierger, dës un d'ITM mellen. D'ITM këmmert sech duerno drëms, déi néideg Opklärungs- a Kontrollschreitt am Kader vum Aarbechtsrecht an der Sécherheet a Gesondheet op der Aarbecht anzeleeden, fir géint dës Verstéiss virzegoen.

Fro N°5: Gedenkt d'Regierung, d'Responsabilitéit vum Haaptoptraggeber (Donneur d'ordre) ze stäerken, fir sécherzestellen, datt och d'Subunternehmer sech strikt un dat lëtzebuergesch Aarbechtsrecht halen?

D'Regierung ënnersträicht, datt d'Reegele vum Aarbechtsrecht iwwer déi ganz Prestatiounskette mussen agehal ginn, vum Haaptoptraggeber bis bei de Subunternehmer.

D'ITM leet dobäi den Akzent op d'Präventioun an op eng ëmfaassend Informatioun an Opklärung vun de Betriber, fir datt dës hire gesetzlechen Obligatiounen nokommen.

Luxembourg, le 5 décembre 2025

(s.) Georges MISCHO
Ministre du Travail